



04-2022

25.05.2022

Aktuell

Nuit du Sport



Randonnée SIAS



GEMENG
SANDWEILER

18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Tél.: 359711-1 • Fax: 357966

www.sandweiler.lu

Kiermes den 11. an 12. Juni

D'Sandweiler Kiermes fënnt de Samschdeg 11. an de Sonndeg 12. Juni **ab 14 Auer um Parking vum Centre culturel** statt.

An dësem Kontext invitéiert de Schäfferot all Awunner aus der Gemeng op den traditionelle **Kiermeskuch**.

De Rendez-vous ass e **Samschdeg um 18 Auer** op der Kiercheplaz fir am Cortège mat der Fanfare vu Sandweiler an de lokale Veräiner an de Centre culturel ze goen, wou et duerno **e Patt mat Kiermeskuch** gëtt.

SIAS Fousstour den 1. Juni

D'Biologesch Statioun vum SIAS an d'Amenagementskommissioun vun der Gemeng Sandweiler invitéieren op e Fousstour mam Thema „**Natur ronderëm Sandweiler**“.

Mir kucken eis d'Dränkwaasserschutzgebidd um Beispill vum Plateau Schrasseg un, léieren eppes iwwert d'Wichtigkeet vun den Hecken an der Natur a kucken eis e neie Bongert un.

Wéini: Mëttwoch den 1. Juni um 18 Auer. Rendez-vous ass an der Strooss Vir Herel zu Sandweiler.

Mellt lech wegl un, **bis de 27. Mee** per Email op der Adress d.bauer@sias.lu.

Kermesse le 11 et 12 juin

La kermesse de Sandweiler aura lieu samedi le 11 et dimanche le 12 juin **à partir de 14 heures sur le parking du Centre culturel**.

Dans ce contexte, le collège échevinal invite tous les habitants de la commune à **l'ouverture officielle** de la kermesse.

Rendez-vous **samedi à 18 heures** devant l'église pour se rendre au Centre culturel en cortège avec la fanfare de Sandweiler et les associations locales, suivi d'un **vin d'honneur avec « Kiermeskuch »**.

Randonnée SIAS le 1^{er} juin

La Station biologique du SIAS et la Commission d'aménagement de la commune de Sandweiler vous invitent à une randonnée sur le thème **« Les jolis coins nature de Sandweiler »**.

Nous nous informons sur les zones de protection d'eau potable à l'instar du plateau de Schrasseg, nous nous approfondissons sur l'importance des haies dans la nature et nous contemplons un nouveau verger.

Quand : mercredi 1^{er} juin à 18 heures. Le point de rendez-vous est à la rue Vir Herel à Sandweiler.

Veillez vous inscrire **avant le 27 mai** par e-mail à d.bauer@sias.lu.

NUIT DU SPORT 2022

Nuit du Sport den 11. Juni

Mat vill Freed kënnen mir iech matdeelen dass d'Nuit du Sport 2022, organiséiert vum Sandweiler Jugendhaus an Zesummenaarbecht mat der Intergeneratiounskommissioun vu Sandweiler, **den 11. Juni vun 18 bis 22 Auer** stattfënnt.

D'Nuit du Sport ass fir jiddereen dee Spaass u Bewegung huet. Et kann een eleng, am Grupp oder mat der Famill kommen. Eng Umeldung ass net néideg: et brauch een sech just an de jee-weilegen Entréeën ze presentéieren, wou een e Bändche kritt.

D'Aktivitéite ginn op 4 Sitte verdeelt, déi mat enger Navette verbonne sinn (de Programm fannt dir méi wäit ënnen). Um Haaptsite gëtt et e Food Corner: d'Sandweiler Guiden a Scouten versuerge iech mat selwer gemachter Currywurst (scharf oder manner scharf) an ëm d'Gedrénks këmmert sech d'Jugendhaus Sandweiler.

Maach mat, a probéier et aus!

Programme

Site principal : Hall Sportif Sandweiler / 6, rue J.B. Weicker

- Vélo à smoothies - De grénge Vëlo / Lët'z Smoothie
- Badminton - BC Sandweiler
- Tennis de Table - DT71 Sandweiler
- Spillparcours - LASEP Sandweiler

Skatepark Sandweiler / 113, rue d'Itzig

- BMX - Jugendhaus Sandweiler (Inter-Actions asbl)

Nuit du Sport le 11 juin

C'est avec grand plaisir que nous vous annonçons que la Nuit du Sport 2022, organisée par la maison des jeunes de Sandweiler en collaboration avec la commission intergénérationnelle de Sandweiler, aura lieu **le 11 juin de 18 à 22 heures**.

La Nuit du Sport s'adresse à tous ceux qui aiment faire de l'exercice. Vous pouvez venir seul, en groupe ou en famille. Une inscription n'est pas nécessaire : il vous suffit de vous présenter aux entrées respectives, où vous recevrez un bracelet.

Les activités sont réparties sur 4 sites reliés par une navette (le programme se trouve plus bas). Un Food Corner est situé sur le site principal : les guides et scouts de Sandweiler vous y proposent des saucisses au curry maison (épicées ou moins épicées) et la maison des jeunes de Sandweiler s'occupe des boissons.

Venez découvrir nos activités !

Rue de la Gare

- Tennis - TC Sandweiler
- Squash - Top Squash Sandweiler

Centre culturel / 20, rue Principale

- Danse orientale - Romy Fournelle
- Spinning - Sonja Lang

